Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2024

***Léif Frënn vum natur musée***
***Chers Amis du Musée national d'histoire naturelle***

***** Den 12. Mäerz fënnt déi regulär Generalversammlung vun der a.s.b.l. « Frënn vum natur musée – Les Amis du Musée national d'histoire naturelle » um 18.00 Auer am natur musée am Stadgronn statt. Als effektive Member sidd Dir häerzlech invitéiert un der alljärlecher statutarescher Versammlung Deel ze huelen.

Um Ordre du jour vun der Generalversammlung steet, nieft dem obligatoresche Programm, 1 Punkt deen d'Präsenz vun 2/3 vun eise Membere verlaangt:

## D'Ännerung an d'Upassung vun de Statute vun eiser a.s.b.l. un dat neit a.s.b.l.-Gesetz vum 7. August 2023

Virgesi sinn:

- ***D'offiziellt Bäifüge vum „national" an eisen Numm: Frënn vum Musée national d'histoire naturelle"***
- ***„comité" gëtt duerch „Conseil d'administration" ersat***
- ***Invitatioune kënne per Post an elektronesch verschéckt ginn***
- ***eng Ännerung vum Plaffong fir de Joresbäitrag (onverännert zanter 1982)***
- ***eng Referenz op dat neit Gesetz vum 7. August 2023***

E Virschlag fir déi nei Statute kënnt der am Detail op eisem neien Internetsite www.amnhn.lu studéieren.
Realistesch rechne mir als aktuelle Comité net mat der Präsenz vu méi wéi 200 Leit bei der regulärer Generalversammlung. Aus dësem Grond musse mir eng extraordinär Generalversammlung, fréistens 12 Deeg duerno organiséieren.

Dofir sidd dir häerzlech invitéiert op d' **EXTRAORDINÄR GENERALVERSAMMLUNG, Dënschdes, de 26. Mäerz um 17.00 Auer am natur musée.**

D'Präsenz vun 2/3 vun de Memberen ass net néideg bei der 2. Versammlung.
Umeldung ass erwënscht per Mail op info@amnhn.lu.

Mir soen Iech am Viraus Merci fir Äert Vertrauen!

**Les Amis du Musée national d'histoire naturelle a.s.b.l. -25 rue Münster - L – 2160 Luxembourg**
**tel.(+352)462233-1 – info@amnhn.lu - IBAN LU53 1111 0746 5259 0000 - www.amnhn.lu**